ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Vun dësem Joer un kënnen d'Baueren a Wënzer hire Flächenantrag just nach elektronesch areechen. Leider si vill Baueren a Wënzer mat dëser elektronescher Prozedur iwwerfuerdert an et muss een och bedenken, datt eng Rei Baueren, virun allem déi eeler Generatioun, nach kee Computer besëtzen. An deem Kontext stellt sech d'Fro, ob et wierklech opportun ass, datt just nach den digitale Wee beim Areeche vum Flächenantrag méiglech ass. De Landwirtschaftsministere offréiert zwar eng Hëllefs-Plattform fir d'Areeche vum Flächenantrag an trotzdeem bleift dës Prozedur fir vill Leit (ze) komplizéiert. An deem Kontext sief och ernimmt, datt et bei bürokratesche Prozeduren net zu Diskriminéierunge kommen däerf well jo Privatpersounen z.B. ëmmer nach hir Steiererklärung manuell traitéiere kënnen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Wat war d'Motivatioun vum Landwirtschaftsministere, datt d'Baueren a Wënzer hire Flächenantrag elo just nach iwwert den digitale Wee erareeche kënnen?
2. Ass sech d'Regierung bewosst, datt vill Leit mat dëser Prozedur iwwerfuerdert sinn a wéi si bis elo d'Echoen op dës nei Prozedur vun de concernéierte Leit um Terrain?
3. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, wann déi concernéiert Leit opgrond vun technesche Schwieregkeeten den Delai fir d'Areeche vum Flächenantrag net respektéiere kënnen?
4. Gedenkt d'Regierung, an Zukunft och nees de manuelle Wee fir d'Areeche vun engem Flächenantrag ze erlaben an, wann nee, wéi begrënnt si dës Decisioun?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten